N°8242
Entrée le 17.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung a vun der Madamm Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8242 vum 21. August 2023 vum Här Deputéierte Marc Spautz.**

Duerch d'Gesetz vum 13.Dezember 2021 hunn all d'Opérateurs économiques säit spéitstens dem 18. Mäerz 2023 eng rechtlech Obligatioun fir den ëffentlechen Entitéiten, dat heescht och déi aus dem Gemengesecteur, Rechnungen am Kader vun engem Marché public oder engem Contrat de concession, elektronesch auszestellen.

D'Gesetz gesäit keng Dispositiounen zum Verrechne vu Fraise fir d'Erstelle vun elektronesche Rechnunge vir. Eng elektronesch Rechnung ass d'nämmlecht ze behandele wéi eng Rechnung um Pabeier.

Am Kader vun der Gemengenautonomie an den Attributioune vun den Exekutivorganer am Gemengesecteur kënnen d'Entitéiten aus dem Gemengesecteur hir Kontrakter mat externe Fournisseure fräi negociéieren. Fakt ass, datt e Fournisseur nëmmen dat ka verrechnen, wat tëschent him an der Entitéit ausdrécklech ausgemaach gouf – idealerweis iwwer eng schrëftlech Offer déi vun der Entitéit am viraus akzeptéiert gouf.

Luxembourg, le 17/10/2023

Le Ministre délégué à la Digitalisation

(s.) Marc Hansen